

JIDDEREEN

op dëser Welt


kann e Liewe **RETTEN**



16 OKTOBER

World Restart a Heart Day

méi opmierksam op den Häerzstëllstand ginn



1. PRÉIWEN

Sécher sinn, datt keng weider Gefor besteet

- Préiwen ob d'Affer reagiert.
- De Kapp no hanne kippen an den Hals iwwerstrecken, de Kënn unhiewen an d'Ootmung préiwen.
- Wa keng oder keng normal Ootmung, muss duerch Häerzdrockmassage(CPR) reaniméiert ginn.



2. URUFFEN

- Den 112 uruffen an hiren Instruktioune follegen.
- Wann anerer do si fir ze hëllefen, si froen den 112 an ärer Plaz unzeruffen a si och en Defi (AED) siche goe loossen.
- Häerzdrockmassage ass dat Allerwichtigst fir d'Iwwerliewen. Keng Zäit verléieren an d'Häerzdrockmassagen net ënnerbriechen.



3. DRÉCKEN

- 2 Hänn op d'Mëtt vum Broschtkuerf leeën.
- De Broschtkuerf 5-6 cm déif andrécken, dat 100-120 mol an der Minutt am Rhythmus vun "Stayin'alive".
- Wann der et geléiert hutt, ëmmer 2 mol no 30 Häerzkompressiounen beootmen, a wann net, dann ouni Ënnerbriechung just op de Broschtkuerf drécken.
- Fest a séier drécken. Keng Angscht, et kann ee kee Schued uriichten.
- Wann en Defi (AED) erbäi kënnt, en direkt umaachen a sengen Instruktioune follegen.
- Wann de Rettungsdénscht ukënnt, weider maachen, bis si soe fir opzehalen.
- Felicitationen! Eppes maachen, fir engem d'Liewen ze retten, ass ËMMER besser wéi näischt maachen.

Eng Initiative vun